ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Op enger Pressekonferenz iwwer d'Kontroll vun den neie COVID-Moossnamen, den 29. Oktober 2020, huet en héije Policeoffizéier, no Aussoe vun der Press, d'Leit opgefuerdert "Behuelen ze mellen, dat géint d'COVID-Reegele géing verstoussen". Lo si Verstéiss géint déi Reegelen awer rechtlech gesinn nëmmen Infraktiounen a keng penal Faiten. Dowéinst an och aus méi allgemengen Iwwerleeungen eraus, muss een sech froen, ob staatlech Organer sollen en aktiven Opruff zur Denonciatioun vun Infraktioune lancéieren, oder ob dat net sollt der perséinlecher Appreciatioun vun de Bierger iwwerlooss bleiwen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Policeminister dës Froe stellen:

1. Ass sech d'Regierung bewosst datt déi Infraktiounen déi hei sollen denoncéiert ginn an déi Aschnëtter an d'Grondrechter vun de Bierger sinn, wéi z.B. wann een nuets eleng spadséiere geet oder fënnef Leit bei sech doheem op Besuch huet, géint d'Stëmme vun allen Oppositiounsparteien an der Chamber ugeholl goufen? Ass d'Regierung der Meenung, datt bei esou enger knapper Majoritéit an der Chamber fir en Agrëff an d'Grondrechter, den Ëmgang mat deene Restriktioune muss ganz besonnesch virsiichteg sinn?
2. Huet d'Regierung eng grondsätzlech Positioun zum Opruff zur Denonciatioun vun Infraktiounen duerch d'Populatioun? Encouragéiert si aktiv d'Denonciatioun vun Infraktiounen?
3. Kennt d'Regierung d'Diskussioun ëm d'Denonciatioun an deene Staaten wou d'Regierung esou e Verhalen aktiv encouragéiert huet? Wéi beurteelt si hirt eege Verhalen am Kontext vun esou Diskussiounen?
4. Ass d'Regierung sech bewosst, datt Denonciatiounen dacks aus Grënn gemaach ginn, déi näischt mat den inkriminéierte Faiten ze dinn hunn, an och net ëmmer der Wouerecht entspriechen ?
5. Wa jo, huet d'Regierung dann net och déi Angscht, wéi vill Bierger se schonn hunn, datt Lëtzebuerg sech ëmmer méi un eng Onkultur vun der Denonciatioun kéint gewinnen?

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

6. Fäert d'Regierung wéinst esou Opriff net e Vertrauensverloscht vun de Bierger an d'Police?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten